edf

# *50e anniversaire*

*de la libération des enrôlés de force*

*du joug nazi*

## *Invitation*

Le Président et les membres du Comité de la
Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force

ont l'honneur d'inviter

---

*à la séance commémorative*
*du 50e Anniversaire de la libération*
*des Enrôlés de Force du joug nazi*

qui aura lieu

le mercredi 18 octobre 1995 à 16.30 hrs
au grand Auditorium du Conservatoire
de Musique de la Ville de Luxembourg,
33, Rue Charles Martel.

Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse
honoreront la séance par leur présence.

L'encadrement musical est assuré par l'ensemble
des cuivres «TUBICINES» et l'organiste Carlo Hommel.

L'ensemble des cuivres se compose des musiciens suivants:
ZAREMBA Roman, trompette; CONSBRUCK Charel, trompette;
COLJON Patrick, cor; MEYERS Marc, trombone;
KRYSATIS Patrick, tuba;

Prière de bien vouloir occuper les places
pour 16.15 heures au plus tard.

R.S.V.P. par carte jointe jusqu'au 25 septembre 1995.
Les tickets vous parviendront par courrier séparé.

# *Programme*

Accueil de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc
et la Grande-Duchesse

Wilhelmus

Prélude Musical: Orgue-cuivres:
VOLUNTARY in D de John STANLEY;

***

Allocution par Monsieur le Président fédéral Joseph WEIRICH;

Interlude Musical: cuivres:
SYMPHONIE for BRASS CHOIR de Victor EWALD;

***

Allocution par Monsieur le Premier Ministre
Jean-Claude JUNCKER, Ministre d'Etat;

Interlude Musical: Orgue
LE JARDIN SUSPENDU par Alain JEHAN;

***

Exposé historique par le Professeur Paul DOSTERT, Historien;

Epilogue Musical: Orgue-cuivres:
RONDEAU de Jean-Joseph MOURET
Première suite de la Symphonie de Fanfares;

***

Hymne National «Ons Hemecht»

Altess Royales,

Excellences,

Messieurs les Ambassadeurs,

Excellenzen an Hären vun déne verschiddenen Religiounsgemeinschaften,

Här Chamber Präsident,

Här Staatsminister,

Dir Hären Ministeren,

Här Staatssekretär,

Dir Dammen an Hären Deputéiert, Madame Buergemeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg

Här Präsident vum Staatsrot,

Här Präsident vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte,

Dir Dammen an Hären Buergermeeschteren a Conseilléen,

Dir Häre Kommandanten vun der Arméi, Gendarmerie a Police,

Dir Dammen Direktricen an Hären Direkteren vum enseignement secondaire,

Präsidenten a Frënn vun de patrioteschen Organisatiounen a Rezistenzgruppen,

Dir Dammen an dir Hären,

wert jonk Frënn Studenten,

Kommerodinnen a Komeroden.

Am Numm vum Fédératiounskomité vun den enrôlés de force hun ech déi grouss E'er iech all häırzlech Wëllkomm ze héschen a Merci ze soen fir är héch ageschätzte Présenz haut, hei bei der Commemoratiounsfeier vum 50sten Anniversaire: d'Enn vun der Zwangsrekrutéierung an der deitscher Wehrmacht. E puer Explikatiounen vun der Wiel vum Dag vun haut :

Den 18ten Oktober 1942 goufen déi éischt 2.000 lëtzebuerger Jongen, d'Affer vun der Gauleiterveruerdnung vum 30ten August 1942 iwert d'Afféerung vum obligatoreschem Dingscht an déi preisesch Wehrmacht, agezunn.

Dëst Joer, also viru 50 Joer, mam Krichsënn, war och Zwangsrekrutéierung an déi verhäasten deitsch Uniform eriwer, wann ët och nët d'Enn vum Calvaire vun déne war, déi sech bis dohinner der Verschleefung nët konnten entzéen.

Altesses Royales,

Mir d'enrôlés de force wëssen ët ganz besonnesch ze schätzen, dass Dir bereet ward zesummen mat der Grande-Duchesse, bei dëser Commémoratiounsfeier derbei ze sinn. Dir Monseigneur gehéert déne selwechte Joergäng un, déi de Gauleiter bestëmmt hat, un de Fronten ze verbludden. Domadde sollt de Widderstand am lëtzebuerger Land gebrach gin, d'Elteren an d'Familjien ausgesiedelt an sie duerch zouverlessslech Nazi-Treier, an onser Heemecht, ersât gin.

Ons gléckliech Jugendzäit gouf zerstéiert an och Dir konnt nët all Är Jugendjoeren an éngem onofhängegem a freie Lëtzebuerg verbrengen. An dofir waren ons Gefiller an dénen elo vergängenen 51 Joer bestömmt nët falsch, wa mir ëmmer erëm a bei ville Gelegenheeten gespiert hun, dass Dir konnt mat ons fillen an ons verstoen. Dëst hu Dir ganz treffend a mat sou Härz goende Wieder an ärem Telegramm ausgedréckt dén Dir onsem Fédératiounscomité den 30ten Abrëll dëst Joer bei der Inauguratioun vun dem Eireportal zou Slonsk geschéckt hat. Ech zitéieren :

"D'Grande-Duchesse an ech begréissen dee Geescht vu Solidariteit an Trei zur Heemecht, deen Dir, grad wéi während dem Krich, och haut, a Friddenszäiten, beweisst. Solidaresch sid Dir mat ären ongléckleche Komeroden, solidaresch mat de Familjen, déi Iech verstoppt hun, an de Passeuren déi Iech iwert d'Grënz geféiert hun, solidaresch mat äre Kommeroden, déi a batterer Zäit an de Prisonnéiercampen verschloe goufen. Dir, déi d'Chance hat, an d'Heemecht erëmzekommen, hat Iech mat ganzem Häerz fir déi ongléckléch a verwonnte Kommeroden agesat an ni ënnerlooss, déi ze éieren, déi hiirt Liewe fir d'Heemecht gin hun." Erwiert desen Auszug aus Ärem Telegramm

Awer och als Jonke Prënz hu Dir Är Verbonnenheet mat Ärer Generatioun bewiesen. Dir wart derbei an hut mat op der Gare an der Staat gewart wann en Heemkoumen vun enrôlés de force annoncéiert war. Bei de Convoien vun Tambow, vu Bréissel oder Frankfurt.

(2. Säit Altesses Royales)

Erlabt mir, stellvertriedent fir déi verschidden Retouren, d'Heem-kommen vun den 156 Jongen, den 7ten Dezember 1945 mam Schnellzuch vu Bréissel, Owends um 11 Auer ze erwähnen. No de Bregréissungen an Ennerhälen mat deene verschiddene Gruppen hu Dir géngt Hallef Nuecht mat folgende Wieder Äddi gesot :

"Bonsoir Jongen, a schloft gudd déi éischt Nuecht an ärer äler Heemecht"
A stirmecht an esou hart wéi déi hées Stömmen ët nach erlabt hun huet ët duerch d'Haal vun der Gare geschallt :

"Vive de Prënz Jang " - "Vive eis Grande-Duchesse"

Awer och bei Ärer Mamm hu mir gespiert, dass Sie d'Schicksaal vun den Zwangsrekrutéierten, vun "Ons Jongen", wéi éng Mamm empfond huet.
Ech erönnere mech nach gudd wéi an énger Audienz, Déléqueiert vun der Eltere~~bewegung~~veréinegung an der Ligue "Ons Jongen" hir Suergen ëm hir Kanner déi nach fort waren a vun déne all Nouvelle gefeelt hun, oder trotz-deem dass hir Nimm an éngem Gefangelager bekannt waren, ~~de~~ am Rapatriement op sëch waarde gelooss, Ärer Mamm virgedroen hun, a wéi Sie dëss Mammen a Pappen esou gudd verstänen, matgefillt, an d'Suergen matge-droen huet. Hier Wieder vun Trouscht, Encouragement an Hoffnung, mä och Hiert Verspriechen Sëch persénlech anzesetzen a beim Stalin ze interwennéieren, hun den Elteren an ons nés Courage gemat.

Excellences, Messieurs les Ambassadeurs,

Nous saluons trés spécialement votre présence à cette séance commémorative du 50e anniversaire de la libération des enrôlés de force du Joug Nazi et apprécions vivement que vos Pays ayant souffert sous l'idiologie et la tyrannie nazie, tout comme notre Patrie, soient ici représentés.

Mais nous voulons également, une fois de plus, exprimer à cette occasion, notre gratitude envers vos Patries pour l'aide apporté aux enrôlés de force luxembourgeois en détresse, aux réfractaires et évadés de l'incorporation allemande. En les accueillant chez vous et leur permettre de combattre dans vos armées, dans le maquis, dans l'armée blanche, côte à côte, ils ont pu lutter et vaincre finalement ensemble avec vos armées et vos résistants l'usurpateur.

Même 50 ans et plus nous n'oublierons pas et jamais cette fraternité, cet accueil, l'aide et les sacrifices supportés pour libérer nos Patries et les enrôlés de force du joug nazi.

Här Chamber Präsident - Här Staatsminister -

Dir Häre Ministeren an Députéiert

Wert Eieregäscht - Dir Dammen an dir Hären

Och Iech all gëllt onse grousse Merci fir Är Präsenz hei bei eiser Commémoratiounsfeier. Déi meescht vu Iech gehéeren nët méi eiser Generatioun un an hun den 2te Weltkrich mat all sénge Folgen a schréckleche Zäiten fir onst Land, fleit nach jhust als Kand materliewt oder doeriwer vun der Mamm, dem Papp oder dem Monni erzielt krut. Dir hut nët um égene Leif erliewt wat Verschleefung, Ennerdréckung an Tirannei ass. A mir, déi eeler Generatioun fréen ons doeriwer a si glëcklech dass während 50 Joer onst Land a Freiheet a Fridden sëch konnt entweckelen. Mä,wéi ass ët nët wäit vun ons ewech ? Zenter Joeren gin do d'Menschenrechter an d'individuel Freiheet nët méi respektéiert. D'Verschleefung, d'Emsiedlung an d'Verdreiwung erliewen dagdéglech dausende vu Leit. Frae, Kanner a Männer stierwen, vu Granate verletzt. D'Zaldoten égal op wat fir énger Säit mussen hiirt Liewe loossen. Riskéere mir nët an éng nei aner Katastrof eran zerëtschen ? Dat sin d'Suergen déi mir ons machen a wou mir hoffen a wönschen dass déi Responsabel déi Geschécker vun onse Länner leeden, rechtzeiteg d'Geforen erkennen. Dass sie éneg, entschlossen a konséquent sëch dergéngt wieren an ët ferdeg bréngen dass och no weidere 50 Joer, nach kéng Generatioun dat selwecht Schicksaal erlidden huet wéi dat zou déem mir condamméiert goufen.

Léw Jong Frënn,

Mir si frou, dass mam Accord vum Minister, der Educatioun Nationale an ären Directeren ët méglech gouf, dass dir un dëser Commémoratiouns-feier kënnt deel huelen. Hinnen all e grousse Merci.

Dëst soll ons Gelegenheet gin fir aus berufene Mënner ze héeren wat virun 50 Joer d'Jugend vun démols, also d'Médercher d'Jongen an ärem Alter, hu missen erleiden an erdroen. Deemols gouf onst Land vum preiseschen Nopper iwerfall, an sollten sein dausendjähreg Reich ugegliddert gin. Dir sidd d'Zukunft vun onser Heemecht, an et kann én nëmme sénger Heemecht dingen wann én hir Vergangenheet kënnt. Ons Aufgab war, ass, a bléiwt ët duerch Informatioun a Verhaalen mat duerzou bei ze droen, dass aus der Vergangenheet geléert gëtt a esou och déi kommend Generatiounen duerch hir Kenntnëss am Stand an an der Läg sin an hirem Beruf um politeschen Plang, d'Geschecker esou ze leeden dass dat wät ons widderfuer ass definitif der Vergangenheet ugehéert.

Dofir e wärmste Merci fir ärt Kommen an är Opmirksamkeet.

Léw Kommerodinnen a Kommeroden.

Zum Schluss vu ménger Begréssung och e merci un Iech. Merci dass och dir als Déleguéert vun onsem féderéierten Associatiounen an de Sektiounen haut, wei esou oft, mat derbei sidd.

Gemeinsam an a voller Solidariteit wëlle mir déi nach verbleiwend ronn 4.000 vun der geafferter Generatioun, zesummen mat alle Matbierger an der Jugend vun haut, mat beidroen, dass ons Heemecht fir déi esouvill vun ons hirt Liewen hu misse loossen a Freiheet, Fridden an Onofhängekeet nach vill Joerzinkten lang kann weidder bestoen.

Verfeelen well ech awer net dem Ensembel des cuivres "Tubicines" mam Organiste Carlo Hommel merci ze soen fir de musikaleschen Encadrement vun deser Commemoration's Feier, wei och dem Professer Paul Dostert dé sech bereed erklärt huet fir ~~an engem~~ en, der Zeit dei ons hei zu Verfügung steet, ugepassten Exposé ze machen, iwert d'Zwangsrekrutéierung aus der Sicht vum Historicker an op der Basis vun Dokumenter dei bis elo zou Verfügung stinn

Merci fir är Opmierksamkeet!

Centre gauche | Centre droit

| | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| R 5 | 249 | 250 | 251 | 252 | 253 | 254 | 255 | 256 | 257 | 258 |
| | Clees Jos. | Hohlfart Georges | Body Alex | Bolmer Jim. | Boden Fernand | Dostert Paul | Hemicot Erna | Franck Archevêque | Weirich Joseph | Grand-Duc Jean |
| R 6 | 292 | 293 | 294 | 295 | 296 | 297 | 298 | 299 | 300 | 301 |
| | Gruber Emile | Huss Jean | Jüncker Ed. | Sayagh Joseph | Grethen Henri | Heiderscheid André | De la Kethulle Baudouin | Hames Jean | Constantinou Clay | Aide de camp |

| | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| R 5 | 259 | 260 | 261 | 262 | 263 | 264 | 265 | 266 | 267 | 268 |
| | Gr.-Duchesse Jn.-Charlotte | Spautz Jean | Junck Gaston | Jüncker J.-Claude | Reeff Josée | Lahure Johny | Wolter Michel | Jacob Benny | Beghin Paul | Champagne Nic. |
| R 6 | 302 | 303 | 304 | 305 | 306 | 307 | 308 | 309 | 310 | 311 |
| | Dame d'honneur | Hengen Jean anc. archevêque | Steffen Jules | Leclerc J. | Coner Julien | Gloukhov Alexei | De Muyser Guy | Colling François | Faullimmel Michel | Reuter Jules |